N°6985
Entrée le 11.10.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 11.10.2022

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11. Oktober 2022

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

De Museksunterrecht an de Gemengen ass vu grousser Bedeitung fir d'Kulturliewe vum Land. Fir datt deen Unterrecht op engem konstant héijen Niveau stattfënne kann, mussen d'Museksproffen, déi vun de Gemengen agestallt ginn, Weiderbildungscoursen besichen, déi vum Schoulministère bzw. vum IFEN ugebuede ginn. Leider weise verschidde Museksproffen drop hin, datt et bei där Offer Lacunne gëtt, déi sech laangfristeg net nëmmen op d'Qualitéit vum ugebuedene Museksunterrecht, mee och op déi sproochlech Qualitéit vun der Wëssensvermëttlung an de Musekschoulen negativ auswierke kéinten.

An deem Zesummenhank hunn ech folgend Froen un den Här Minister:

1) Wéi eng spezialiséiert Formatioune ginn et am Ablack fir Museksproffen op Master-Niveau, déi sech a komplexe musikalesche Fachberäicher – z.B. Museksgeschicht, Harmonie musicale, Geschicht vun der Instrumentalpedagogik — oder op spezialiséiertem Instrumentalniveau weiderbilde wëllen?
2) Ginn et fir zukünfteg oder nominéiert Musekproffe spezialiséiert Formatioune fir sämtlech Instrumenter, déi een hei am Land léiere kann?
3) Kann den Här Minister preziséieren, ob am Ablack spezialiséiert oppen Instrumental-Master Classes vun nominéierte Professeren aus dem Conservatoire ugebuede ginn, fir de Museksproffen, déi a kommunale Musekschoule schaffen, ze hëllefen, dës Fächer optimal a lëtzebuergescher Sprooch ze ënnerriichten an hire professionellen Niveau opzehéijen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 6985 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup**

De Volet vun der Formatioun fält ënnert d'Responsabilitéit vum Patron; dëst ass an dësem Fall eng Gemeng, e Gemengesyndicat oder e Prestataire, wann d'Gemeng oder de Gemengesyndicat den Enseignement musical engem Prestataire iwwer eng Konventioun uvertraut huet. Den Educatiounsministère bitt iwwer den IFEN nëmmen e klengen Deel vun de Formatioune fir d'Léierpersonal vum Enseignement musical op Gemengenniveau un.

Lëtzebuerg, den 18. Oktober 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH